# ripevusch

Zeitung vun der Gemeng Useldeng

RIPPWEILER • IEWERLENG • USELDENG • SCHANDEL

**Mee 2017 - Nr 1/3 vum Joer 2017**



01. Préface
02. Manukultura am Millenhaff
03. Commissariat Atert
05. Oekologischer Heckenschnitt in der Gemeinde Useldingen
07. NEI PAR „ATERTDALL - Sainte Claire“
08. Useldenger Klimateam News
12. Senioreforum Gemeng Useldeng - Gitt och Dir Member!
13. Sportlerehrung des Jahres 2016
14. Langjährige Mitarbeiter im Dienste der Kirche wurden von Erzbischof Mgr. Jean-Claude Hollerich ausgezeichnet
15. Foto-Wanderausstellung: PRAY
17. Kommioun 2017
18. Vulle-Beobachtung, Vulle vum Flouer zu Useldeng
19. Pompjeeën Gemeng Useldeng
23. Haus Care
24. Jahreshauptversammlung der Harmonie Useldeng 2017
25. Wat ass lass am Schlass…?! Chrëschtdaag op der Buerg 2016
28. D'Schoulkanner vun Useldeng „erliesen d'Buerg“
30. Schoulcours - Den Energieführerschäin
31. Les seigneurs d'Useldange entre le 11ème et le 13ème siècle
33. APECU – Eltrenvereenegung vun der Gemeng Useldeng
38. Jahresabschlussfeier - Abschied und Ehrungen bei der DEA
39. Milly Kinnen feiert 95. Geburtstag
40. Antoine Kinnen feiert 100. Geburtstag
44. Manifestatiounskalenner - 2017










Foto Cover: Tom Lehnert
Mise en page: a | part
Impression: imprimerie reka
Tirage: 750 exemplaires

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch“ matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech beim Pollo Bodem mellen (bodemp@pt.lu).
Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu
Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 2/2017 ass den 13.08.2017!



# WOU SINN MER DRUN?

*An dëser Fréijoerseditioun vun eiser Gemengenzeitung weisen mer, wéi ëmmer flott Reportagen iwwer d'Veräiner vun eisen Dierfer, iwwert hir Generalversammlungen, wou se mat berechtegtem Stolz hiren Bilan vum leschte Joer presentéiert hunn an iwwer Performancen, déi eis Kleng a Grouss a villen sportlechen Beräicher erëm fäerdeg bruecht hunn.*

*A well schonns gutt 5 Méint vun engem Joer erëmsinn, huelen mer och d'Projet'en vun eiser Gemeng ënnert d'Lupp a stellen fest, dass déi ambitiéis Zieler déi mer eis gesat hunn, zäitlech gesinn dach awer eng grouss Erausfuerderung sinn.*

*Déi nei LED-Luuchten um Foussballterrain dierften am fréien Hierscht a Funktioun sinn; d'Ausschreiwungen fir d'Aarbechten vun de Vakanzewunnengen an fir d'Ëmännerungen vun der Tannerie an der aler Schoul waren an der Zeitung an sou kënnen-sauf Imprevu- dës Aarbechten nom Kollektivcongé am Bau-, starten.*

*Am Dieschbourghaus hunn mer mat wéineg Opwand de Büro fir de regionalen „Touristinfo" vum Kanton Réiden a Mäerzeg fäerdeggestallt an och de „Kreativatelier" fir d'kënschtlerescht Schaffen a praktesch Wëssensvermëttelung ass a Betrib.*

*Den „Tit Schréider - Sall" fir Ausstellungen, Liesungen a Formatiounen steet och well zur Verfügung, genau wéi de „Cabarets"-Sall fir méi kleng „Events" wéi Virträg, Theater, Cabaret a Concert'en.*

*Eist Ziel ass et fir dës Raimlechkeeten mat Liewen ze fëllen, am klengen, a Schrëtt fir Schrëtt an esou d'Gemengenliewen nach méi ze intensivéieren.*

*An dobäi sinn mer erstaunt a frou, wéi grouss den Interêt vun eisen „lokalen" Künstler schonn ass!*

*Do wäerten mer nach flott Stonnen an deem Haus verbréngen; dorun ass guer keen Zweiwel.*

*An da stinn am Summer nach vill aner flott „Echeancen" um Programm.*

*Déi 11. Editioun vum Mëttelalterfest, den Nationalfeierdag, d'Aweiung vum Pompjeescamion mam neien Fändel, de Passage vum Tour de France an schlussendlech och d'Reouverture vun der Haaptstrooss zu Iewerleng.*

*Dee Chantier war keen einfachen an d'Leit haten vill Gedold!*

*18 Méint Quälerei duerch schlecht Stroossen, vill Dreck um Auto an am Haus, grouss Emweer déi ze maachen waren; mir mengen dass iergend eng kleng Erkeentlechkeet schonn ubruecht ass!*

*Villmools Merci am Numm vun allen Responsabelen, déi éierlech frou wieren, d'ganz Awunnerschaft den 10. Juli am fréien Owend bei enger Grillparty begréissen ze kënnen.*

*Dat wier dann schonn am „Virowend" vun der grousser Vakanz, wou mer iech vill Sonn, eng gutt Erhuelung, gutt Laun a vill Spaass wënschen.*

*Passt gutt op um Wee fir an är Vakanzendestinatiounen a kommt gesond a monter erëm!*

*Äre Buergermeeschter*



# MANUKULTURA
## AM MILLENHAFF

# D'GESCHICHT vum BLUES

VIRTRAG IWWERT D'GESCHICHT VUM BLUES
CONFERENCE SUR L'HISTOIRE DU BLUES

14.06.2017

mam/avec Ben Boulanger



## D'GESCHICHT VUM BLUES

Deel 1 (+/- 1890 - 1960)

De Blues ass haut, an der Musekslandschaft, net ewech ze denken. Bluesmuseker gëtt et wéi Sand um Mier, an déi meescht beruffen sech weiderhin op d'Grënner vun dësem Genre. Et ass ugefaang gi Blues ze spillen um Enn vum 19. Joerhonnert, um Bord vum Mississippi, do, wou d'Trennung vu wäisser a schwaarzer Populatioun am däitlechste war. An dësem éischte Virtrag kucke mir wéi de Blues sech entwéckelt huet, an dat vu sengem Ufank, bis an d'50'er Joren. Robert Johnson, Son House, Sonny Boy Williamson an aner Pionéier aus där Zäit ginn do souwuel historesch wéi och akustesch virgestallt.

- SALL "CABARET"
- 19h00 - 20h30
- Partizipatioun : 6 Euros



## INFO

Fir weider Informatiounen oder Umeldunge kontaktéiert den:

Pour toutes informations ou réservations, veuillez contacter:

TOM LEHNERT
tom.lehnert@useldeng.lu
T 23 63 00 51-26 / (+352) 621 350 929
9h-12h / 14h-17h
www.useldeng.lu

PARKING:
W.e.g. notzt fir ären Auto den Ökologesche Parking an der Iewerlenger Strooss!
*Veuillez s.v.p. utiliser le parking écologique dans la rue d'Everlange!*

## MANUKULTURA

### OPRUFF

Décke Programm am Schied vun der Buerg Useldeng. Nei Zäiten fir eis al Gebaier am" Millenhaff"! Elo un Iech, léif Bierger, dës Raimlechkeete mat Liewen ze fëllen, als Gaascht oder als Organisateur. *Vaste programme à l'ombre du château. Une nouvelle ère pour nos vieux bâtiments au "Millenhaff"! Dorénavant, chers citoyens, cela ne tient qu'à vous d'y ajouter de la vie, soit comme visiteur, soit comme organisateur d'évènements.*

Hutt Dir eng flott Iddi oder een ausgefalenen Hobby? Rufft un:

*Avez-vous des suggestions ou un loisir hors du commun? Veuillez contacter:*

GÉRARD ANZIA
ganzia@chd.lu - T 691 23 63 00

TOM LEHNERT
tom.lehnert@useldeng.lu
T 23 63 00 51-26 / (+352) 621 350 929
(9h-12h / 14h-17h)

BUERG USELDENG

# LE COMMISSARIAT ATERT : PROCHE DU CITOYEN, VISIBLE, DISPONIBLE, EFFICIENT !

Le nouveau commissariat Atert, constituant une communauté des commissariats de Rambrouch et de Rédange-sur-Attert, a commencé son travail à partir du 11 janvier 2017. Il dessert les communes de Beckerich, Ell, Préizerdaul, Rambrouch, Rédange-sur-Attert, Saeul, Useldange et Wahl.

Le but de ce projet pilote est de vous offrir un meilleur service :

- en augmentant notre présence dans vos cités et à proximité de vos centres d'intérêt ;
- en vous accueillant sur rendez-vous au commissariat sur une plage horaire plus étendue ;
- en assurant un service flexible à l'attente de vos besoins.

**A votre service, 5/7 jours, 7h00 – 21h00**

## Site Rambrouch

*Adresse postale*
B.P. 5
L-8801 Rambrouch

*Heures de guichet*
Mardi et Jeudi
13h00 à 15h00

Tél. : (+352) 244 92-200
Fax : (+352) 244 92-299
E-mail : police.atert@police.etat.lu

*Adresse géographique*
21A, rue Principale
L-8805 Rambrouch




## Site Rédange

*Adresse postale*
B.P. 7
L-8501 Rédange

*Heures de guichet*
Lundi, Mercredi et Vendredi
13h00 à 15h00

Tél. : (+352) 244 92-200
Fax : (+352) 244 92-299
E-mail : police.atert@police.etat.lu

*Adresse géographique*
1, rue de la Gendarmerie
L-8508 Rédange



## Heures de fonctionnement :

Le commissariat fonctionne de 7h00 à 21h00 pendant les jours ouvrables et en cas de besoin également le weekend.

En dehors des heures de guichet, vous pouvez joindre les agents du commissariat par téléphone ou par l'interphone installé à l'entrée du commissariat.


Prenez contact avec votre policier local pour fixer un rendez-vous.

Le centre d'intervention de Rédange-sur-Attert qui fonctionne 24/7, assure toutes les interventions urgentes de jour comme de nuit.

## EN CAS D'URGENCE : CONTACTEZ IMMÉDIATEMENT LE NUMÉRO D'APPEL D'URGENCE 113

## Territoire de compétence :

Le commissariat Atert couvre les communes de Beckerich, Ell, Préizerdaul, Rambrouch, Rédange-sur-Attert, Saeul, Useldange et Wahl.



# ÖKOLOGISCHER HECKENSCHNITT IN DER GEMEINDE USELDINGEN

*Der ökologische Heckenschnitt in den Mitgliedsgemeinden gehört zu den Kernaufgaben des Naturschutzsyndikats SICONA. Auch in der Gemeinde Useldingen kümmert SICONA sich um die Heckenpflege. Ziel der Maßnahmen ist es nicht nur Hecken mit einer hohen Strukturvielfalt aufzubauen, sondern auch bessere Lebensbedingungen für eine Reihe von Tierarten zu erreichen.*

## Hecken als Bestandteil des Naturhaushaltes

Hecken stellen einen wichtigen Bestandteil des Naturhaushaltes und des Landschaftsbildes dar. Sie gliedern und prägen ganze Landschaften und gehören zum traditionellen Bild in Mitteleuropa. Daneben haben sie eine überaus große Bedeutung für viele Tierarten, denen die Gehölze Nahrung, Deckung und Brutmöglichkeiten bieten.

Eine Hecke besteht nicht selten aus 20 bis 25 Strauch- und Baumarten. Dazu kommen etwa 200 krautige Pflanzenarten die am Rand unserer Hecken vorkommen können. Durch viele blühende Arten, nicht zuletzt die Heckensträucher selbst, werden auch Insekten angezogen und im Schatten der Sträucher halten sich feuchtigkeitsliebende Bodentiere auf. All dies bietet unter anderem vielen Vogelarten ein reiches Nahrungsspektrum. Aber auch eine dichte Heckenstruktur an sich ist ein wichtiges Lebensraummerkmal. Zahlreiche Vogelarten, etwa brauchen dichte Gehölzstrukturen, um ihre Nester zu bauen.



Hecken gliedern die Landschaft und bieten vielen Tierarten Lebensraum und Nahrung. Wichtig ist dabei eine hohe Strukturvielfalt mit hohen und niedrigen Abschnitten und dichten Beständen.

## Hecken bedürfen einer regelmäßigen Pflege

Hecken sind ein dynamisches Element und verändern sich im Lauf der Zeit. So ist eine junge Hecke meist relativ dicht und im Bodenbereich geschlossen. Im Lauf der Jahre fängt die Naturhecke an, im unteren Teil lichter zu werden, die Krone wird immer breiter, und die Hecke wächst in die angrenzenden Parzellen hinein. Überlässt man diese Hecke sich selbst, so entwickelt sie sich im Lauf der Zeit zu einem kleinen Wald. Um Hecken als solche zu erhalten und dabei einen ökologisch möglichst optimalen Zustand zu erzielen, ist es notwendig, sie zu pflegen. Ohne Heckenschnitt, würden die angrenzenden landwirtschaftlichen Flächen auch immer kleiner. Neben den Interessen des Naturschutzes müssen daher auch die Notwendigkeiten der Landwirtschaft berücksichtig werden.



Dieses Foto zeigt frisch geschnittene Hecken in der Flur „Weiden". Der Intervall-Stockhieb ermöglicht eine Verjüngung ohne dass der Lebensraum zu sehr gestört wird. Außerdem führen die Intervalle zu unterschiedlich hohen Heckenabschnitten und damit zu einer höheren Strukturvielfalt.

## Die Prinzipien der Ökologischen Heckenpflege

Im Prinzip muss eine naturschutzgerechte Heckenpflege, die auch Sicherheitsaspekte und landwirtschaftliche Belange berücksichtigt, folgende Punkte berücksichtigen.



Diese Spezialmaschine ermöglicht einen sauberen Stockhieb mit möglichst geringem Arbeitsaufwand.

- Schlegelmäher sind für die Heckenpflege ungeeignet und daher tabu.
- Ein jährlicher Rückschnitt mit der hydraulischen Heckenschere mit Ausleger wird dort durchgeführt, wo die Hecke nicht zu sehr in die Breite wachsen darf, etwa an Wegen oder Einfahrten.
- An allen anderen Stellen wird nur alle fünf bis sieben Jahre geschnitten, da die meisten Heckenarten an zweijährigem Holz blühen und fruchten und daher bei allzu häufigem Rückschnitt die wichtigste Nahrungs-quelle verloren geht.
- Zeigt die Hecke Anzeichen von Überalterung, muss sie auf den Stock gesetzt werden. Um die Lebensgemeinschaft jedoch nicht zu stark zu stören, darf nur abschnittsweise verjüngt werden. zusätzlich bleiben auf dem geschnittenen Abschnitt einzelne größere Bäume oder Sträucher erhalten, ebenso wie seltene oder schlecht regenerationsfähige Straucharten. Diese Arbeit hat durch den Einsatz einer hydraulischen Heckenschere mit Entnahmegreifer eine wesentliche Arbeitserleichterung erfahren.
- Dies gilt auch für Neuanpflanzungen: Wird eine neue Hecke angepflanzt, so ist es oft notwendig nach 5 – 10 Jahren diese auf Bodenhöhe abzuschneiden um einen dichtere Wuchs zu erzielen. Außerdem wird dadurch die Strukturvielfalt erhöht, da Neuanpflanzungen zwangsläufig die gleiche Höhe auf der gesamten Länge aufweisen.

SICONA pflegt Landschaftshecken nach diesen Prinzipien und hat dafür neben einem erfahrenen Pflegetrupp auch einen spezialisierten Fuhrpark, der es erlaubt eine maschinelle Heckenpflege zu tragbaren Kosten durchzuführen. Es handelt sich hierbei um mehrere Allradschlepper, zwei Bagger mit Ausleger, eine hydraulische Astschere, eine hydraulische Heckenschere mit Entnahmegreifer und einen Großholzhacker. Diese Maschinen werden je nach Situation und Bedarf eingesetzt, z.B. beim Zurückschneiden von Hecken oder bei der Verjüngung. Allerdings muss ein Teil der Arbeit weiterhin mit der Motorsäge manuell durchgeführt werden.

## Europäisches NATURA 2000-Schutzgebiet und Zielarten in Useldingen

Über diese allgemeinen Kriterien hinaus, spielen für SICONA die ökologischen Besonderheiten der jeweiligen Mitgliedsgemeinde eine Rolle. Im Fall von Useldingen etwa die Lage in einem NATURA 2000-Schutzgebiet mit besonderen Zielarten. In der Tat ist der südliche Teil der Gemeinde Useldingen Teil des NATURA 2000-Schutzgebiets „Vallées de l'Attert, de la Pall, de la Schwébech, de l'Aeschbech et de la Wëllerbaach". Es erstreckt sich über neun Gemeinden von Bissen bis zur belgischen Grenze und umfasst die genannten Täler mit den Anhöhen die sie verbinden.



Der Hänfling gehört zu den speziellen Zielarten der NATURA 2000-Zone. Er lebt in halboffenen Agrarlandschaften.

Das Gebiet wurde speziell zum Schutz gefährdeter Vogelarten ausgewiesen. Als besondere Zielarten werden etwa Hänfling, Neuntöter und der stark gefährdete Raubwürger genannt. Der Raubwürger kam bis vor einigen Jahren noch in der Flur „Weiden" in Useldingen vor, ist aber inzwischen verschollen. Diese Art braucht dringende Optimierungsmaßnahmen in ihren Lebensräumen, wenn sie eine Überlebenschance in unserem Land haben soll. Weitere Heckenarten, die in Useldingen vorkommen, und die inzwischen auf der Vorwarnliste der Roten Liste gefährdeter Arten geführt werden, sind Goldammer und Dorngrasmücke. Auch sie brauchen Hilfe, da ihre Bestände zum Teil stark abgenommen haben.

All diese Arten brauchen Hecken in ihren Revieren. Auf der anderen Seite dürfen diese Strukturen aber nicht zu eng stehen und nicht zu hoch sein, da die Tiere halboffene Landschaften bevorzugen und eine gewisse Übersichtlichkeit in ihren Revieren brauchen. Ist dies nicht mehr gegeben, fühlen die Vögel sich nicht mehr sicher vor Feinden und verlassen selbst Reviere, die eigentlich noch Brutmöglichkeiten und Nahrung bieten würden.

In den Fluren, in denen diese Arten noch vorkommen, respektive wieder vorkommen sollen, achtet SICONA deshalb beim Schnitt auf eine geringere Heckenhöhe als sonst üblich. Ansonsten gelten aber die gleichen Prinzipien, wie in anderen Landschaften.

Weitere Informationen erhalten Sie bei SICONA: 12, rue de Capellen, L-8393 Olm unter Tel: 26 30 36-25, administration@sicona.lu, www.sicona.lu.

# NEI PAR „ATERTDALL - SAINTE CLAIRE“

## NOUVELLE PAROISSE « ATERTDALL - SAINTE CLAIRE »

Léif Chrëschten!
De vergangene 7. Mee war et souwäit: all eis 274 Paren am Land goufen opgeléist, an 33 nei Paren si gegrënnt. Eis nei Par dréit den Numm „**Atertdall – Sainte Claire**“. Schliesslech leeft d'Atert duerch ee groussen Deel vun eiser neier Par. Duefir ass den Numm Atertdall passend fir eis nei, grouss Par, déi folgend Kierchen a Kapellen abënnt:

Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kahlenberg, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl.

An de Gemengen: Beckerich, Ell, Grosbous, Redange-Attert, Préizerdaul, Useldange, Vichten, Wahl.

D'Parverbänn „Biekerech-Useldeng“ & „Groussbus-Osper“ bestinn ab 7. Mee 2017 nit méi. Daat war de Stéchdatum fir eis NEI PAR. **Mir fänken zesummen nei un als Par.**

### ATERTDALL - SAINTE CLAIRE

**Léif Leit, mir brauchen Iech fir eng nei Par, eng nei Gemeinschaft opzebauen. Kommt loosst eis ee Stéck Wee zesummengoën an eise Glaawen, wéi d'helleg KLARA, an de Mëttelpunkt stellen.**

### Äer Pastoraléquipe:

- Abbé Nico JANS, Curé-doyen et modérateur
- R.P. Mathieu JANSSEN, M.O., Curé
- Abbé Patrick HUBERT, Subsidiaire
- Robert DIEDERICH, auxiliaire pastoral
- Michèle ASSERAY, secrétaire paroissiale
- Carole CESAR, secrétaire paroissiale
- **Urgence : Tél: 621 221 808 Abbé Nico Jans**

### Parbüro:

9, rue principale
L-8540 Ospern
Tel.: 23 62 10 53
Fax.: 26 62 02 53
E-mail: ospern@cathol.lu
Site: www.cathol.lu
CCPLLULL: LU39 1111 1283 9766 0000



### Permanences :

- Lundi, 9h00 – 11h00 : Abbé Nico Jans
- Lundi – vendredi, 9h00 – 11h00 : secrétaire paroissiale
- Jeudi, 14h00 – 16h00 : auxiliaire pastoral

- Presbytère Useldange
  Tél: 23 63 00 30
  Abbé Mathieu Janssen :
  - Mercredi 14h00 – 16h30
  - Urgence : Tél: 0032 63 24 28 70 de 7h00 – 8h00 & de 22h00 – 23h00

# USELDENGER KLIMATEAM NEWS

Unsere Gemeinde hat vor 1 Jahr eine **Klimaschutz-Charta** unterschrieben, mit Zielen im Bereich der erneuerbaren Energien, Energie-Effizienz, Mobilität, Raumplanung, Wasserverbrauch, und Naturschutz.

Das Klimateam ist beauftragt am Anfang jedes Jahres eine Bewertung dieser Ziele zu machen.

Hier ist die **Bilanz unserer Bewertung**:

| | 2016 |
|---|---|
| **2. Kapitel: Kommunales Energiemanagement** | **Bewertung** |
| 1. 65% Anteil erneuerbarer Energien am Wärmeverbrauch der kommunalen Gebäude | Ziel fast erreicht! |
| 2. 10% Senkung des spezifischen Wärmeverbrauchs (Vergleich: 2014) | leichte Senkung |
| 3. 10% Senkung des spezifischen Stromverbrauchs (Vergleich: 2014) | Ziel erreicht! |
| 4. 50% Senkung der gesamten Leistung der kommunalen Straßenbeleuchtung (Vergleich: 2015) | Ziel fast erreicht! |
| 5. 65% CO2 Einsparungen (Vergleich: 2014) | Ziel fast erreicht! |
| 6. 10% Senkung des spezifischen Wasserverbrauchs der kommunalen Gebäude (Vergleich: 2014) | grosser Anstieg |
| **3. Kapitel: Versorgung & Entsorgung** | **Evaluation** |
| 7. Anteil an erneuerbarem & lokal produziertem Strom am gesamten Verbrauch auf Gemeindegebiet: 20% | ca. 11 % |
| 8. Anteil erneuerbarer & lokal produzierter Wärme am gesamten Verbrauch auf Gemeindegebiet: 10% | *wird über Umfrage erfasst* |
| 9. Reduktion des Pro-Kopf-Wasserverbrauchs um 10% (Vergleich: 2014) | konstanter Verbrauch |
| 10. 10% Einsparungen im Wärmeverbrauch bei den Haushalten (Vergleich: 2014) | *wird über Umfrage erfasst* |
| 11. 10% Einsparungen im Stromverbrauch bei den Haushalten (Vergleich: 2014) | 8% Anstieg |
| **4. Kapitel: Mobilität** | **Evaluation** |
| 12. Beschilderung von 7 Kilometer regionalem Radweg | Ziel erreicht |
| 13. 250 m neue innerörtliche Fußwegeverbindungen | *Ziel wird 2017 erreicht* |
| 14. 2 neu installierte Geschwindigkeitsmesser | Ziel erreicht |
| 15. 2 neue Radabstellanlagen | Ziel erreicht |
| 16. 2 Elektro-Auto für den technischen Dienst | 1 Elektro-Auto |
| 17. 1 Elektro-Rad für die Gemeindeverwaltung | *ab Juli 2017: 1 Elektro-Rad in Miete* |


| 5. Kapitel: Organisation der Kommune | | Evaluation |
|---|---|---|
| 18. | Mind. 3 Versammlungen pro Jahr des Klimateams | Ziel nicht erreicht |
| 19. | 100 Weiterbildungsstunden der Angestellten des technischen Dienst im Bereich Energie, Klimaschutz | Ziel nicht erreicht |
| 20. | Alle Klimapakt-Subsidien werden für klimarelevante Aktivitäten ausgegeben | Ziel erreicht |

| 6. Kommunikation | | Evaluation |
|---|---|---|
| 20. | Mind. 2 Seiten des Klimateam in jeder Gemeindezeitung | Ziel erreicht |
| 21. | 30 Beratungen des EnergieAteliers an die Bürger der Gemeinde Useldange (2015:25 Beratungen) | Ziel nicht erreicht (19 Beratungen) |
| 22. | 100% FSC zertifizierte Wälder | Ziel erreicht |







**Wärmeproduktion der kommunalen Gebäude (2016)**




**Anteil der Stromproduktion aus erneuerbaren Energien in unserer Gemeinde**



## Wie kann man einfach zuhause Wasser sparen?

1. Wasserstrahl optimieren



Spartechnik muss nicht teuer sein. Bestes Beispiel sind Durchlaufbegrenzer, Perlstrahler (auch Perlatoren genannt) und Sparduschköpfe. Sie optimieren den Wasserstrahl und senken den Verbrauch ohne Komfortverlust. Effektive Duschköpfe gibt es schon ab 20 Euro (auch für Durchlauferhitzer und drucklose Speicher), die anderen Sparhelfer ab 5 Euro. Wer täglich zehn Minuten duscht, kann damit pro Jahr bis zu 36.500 Liter Wasser und 100 Euro sparen.

2. Dichtungen prüfen



Minifontänen am Brauseschlauch, tropfende Wasserhähne und undichte Spülkästen verschwenden literweise Wasser. Schuld sind meist poröse oder verkalkte Dichtungen. Ersatz gibt es für kleines Geld im Baumarkt oder Fachhandel. Gegen den Kalk hilft Essigreiniger. Bei undichten Stöpseln für den Abfluss hilft Alleskleber: auf den Rand auftragen, vor dem nächsten Einsatz trocknen lassen und so den Stöpsel etwas verbreitern.

3. Sparsam und kreativ wässern



Beim Zähneputzen, Händewaschen und Einseifen zwischendurch den Wasserhahn abdrehen, einen Zahnputzbecher verwenden, häufiger duschen statt baden, Gemüse und Obst in einer Schüssel oder im Spülbecken reinigen - so lassen sich weitere wertvolle Liter und unnötige CO2 -Emissionen einsparen.

1 Vollbad = 140 Liter =
14 Minuten Duschen =
23 Minuten Duschen mit wassersparender Brause

4. Regenwasser auffangen

Regenwasseranlagen helfen wertvolles Trinkwasser zu sparen. In der Toilette braucht kein Trinkwasser genutzt zu werden, hier reicht Regenwasser völlig aus. Oder man kann einfach Regenwasser für die Bewässerung des Gartens benutzen!

Seit dem 1.1.2003 werden Regenwassernutzungsanlagen vom Staat und von der Gemeinde Uselingen mit maximal 1'500 Euro bezuschusst, wenn sie bestimmte Bedingungen einhalten. Für mehr Info unter:

http://www.eau.public.lu/eaux_usees_pluviales/

oder beim EnergieAtelier in Redingen anrufen:
Tel: 26 62 08 01!
info@ksm.lu

# Mat Genoss duerch de Wëlle Westen

*E kulinaresche Vëlostour am Atertdall*

## Wéini?

Sonndes, de **25. Juni 2017**
Start tëschent 10 an 11 Auer

## Start

Zu **Réiden** beim Gemengenatelier hannert der Schwämm
20, rue de la Piscine, Réiden
Parking vis-à-vis vum Atert Lycée Réiden

## Distanz

28 km iwwer geteerte kommunal a national Vëlosweeër, duerch Biekerech iwwer d'Haaptstrooss an iwwert de gespaarte C.R. 301 tëschent Biekerech an Ell. Plang op der Récksäit.

## Iessen

5 Gäng mat regionale, biologesche Produkter
(och vegetaresch)
Präis pro Menü
(ouni Gedrénks): 25 €/Beki
Präis pro Kannermenü: 10 €/Beki

## Kulinaresch Statiounen

Réiden - Appetit-Häppecher mat Apéro
Préizerdaul - Entrée
Iewerleng - Sorbet
Biekerech - Haaptplat
Ell - Dessert
Réiden - Kaffi mat senge Gesellen

## Umellung

Obligatoresch bis spéitstens den **18.Juni 2017**
klima@klima.lu
Tel. 26 62 08 01
Weider Detailer & Kontosnummer op:
www.klima.lu





Dir kënnt den Tour och fueren ouni eppes z'iessen! Wann dir ee Pédélec (elektresche Vëlo) wëllt fir den Tour léinen (Präis: 22 €), dann onbedéngt bis den 18. Juni bei eis umellen (klima@klima.lu - Tel.: 26 62 08 01).
Den Erléis geet un ee gudden Zweck

Klimateam Kanton Réiden
Komm Spuer Mat
KlimaPakt meine Gemeinde engagiert sich
Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"

Organisateur
Klimapakt Réidener Kanton (www.klima.lu)

# SENIOREFORUM GEMENG USELDENG

**Gitt och dir Member beim „Senioreforum Gemeng Useldeng".**

De Veräin ass gegrënnt ginn den 29. Abrëll 2006. De Sënn an Zweck vum Veräin ass: - D'Interessen a d'Uleies vun de pensionéierten, eeleren an handicapéierte Matbierger ze vertriede géintiwwer de gesellschaftlechen a politeschen Uspriechpartner, - de Memberen Animatioun, Dialog, Hëllefsbereetschaft a Weiderbildung unzebidden, - d'Räichhaltegkeet vun de kulturellen, traditionellen a sozialen Erfahrungswäerter vu Jénger Generatiounen weider ze vermëttelen.

Hei e puer Informatiounen zu eisen Aktivitéiten fir 2017:

All zweeten Donneschdeg am Mount hu mir Porte-Ouverte zu Useldeng an der Buvette vum Schoulkomplex, 41 rue de Schandel, vun 14.00 – 18.00 Auer wou Kaart oder aner Spiller gemaach ginn begleet mat Kaffi a Kuch.

All lëschten Dënschdeg am Mount Senioreniessen entweder an engem Restaurant oder mir kache selwer an der Buvette vum Schoulkomplex.

Weideres wat nach um Programm steet:

Dagesrees mam Bus op Venlo - Lottum (NL) den 20. Juni zesummen mam „Gaart an Heem Gemeng Useldeng", mir ginn d'Schlassgäert kucken sou wéi de Rosarium, orientalesch Waassergäert, Blummenbeeter, Ausstellungen, Minigolfanlag, asw... an engem schéinen Naturgebitt vun 8300 ha. / Dagesrees mam Bus op Pärel den 20. Juli, Besichtegung vum Memorial Museum a vun der Leekaul. / Niklosfeier de 7. Dezember / Chrëschtfeier de 17. Dezember. (Weider Aktivitéiten ginn nach geplangt).

Aner Aktivitéiten waren dëst Joer wéi Träipemëtteg, Generalversammlung, Dagesrees op Rosport mat Besichtegung vum Tudormuseum a Source Rosport, Grillfest.

De Joresbäitrag fir dëst Joer ass nach 5 €. Duerno „2018" ass en 10 €.

Fir weider Informatiounen wennt lech un eise President Jules Schoujean um 621 661 220.

Trésorier : Gaston Wetzel
3, an Hiesel
L-8707 Useldange
Tél. : 23 63 82 93
GSM. : 691 52 60 22
CCR IBAN LU49 0090 0000 3712 4609

Président : Jules Schoujean
9, um Millebierg
L-8720 Rippweiler
Tél. : 23 63 91 64
GSM : 621 66 12 20

Secrétaire : Guy EVEN
12, rue principale
L-8715 Everlange
Tél. : 23 63 91 52
GSM. : 621 76 85 43
E-mail. : guyeven@pt.lu



# „BENEVOL AM SPORT - USELDÉNG BOUGÉIERT"

FOTO: CHARLES REISER

## 65 Laureaten bei der elften Sportlerehrung

Die alljährliche Sportlerehrung im Useldinger Sportzentrum zeugte einmal mehr davon, welchen Stellenwert der individuelle- sowie auch der Mannschaftssport in der Gemeinde Useldingen einnehmen. Die Diplomüberreichung mit dem als Ermutigung beigefügtem Gutschein an die 65 Sportler fand dann auch vor kurzem im Rahmen der Aktion „Benevol am Sport- Useldéng bougéiert" verbunden mit einer kleinen Ehrung statt. Bürgermeister Pollo Bodem hob dabei hervor, dass die verdienstvollen Sportler ihre Vereine und damit auch die Gemeinde Useldingen erneut nach außen sehr gut vertreten haben. Nicht nur der Spitzensport, sondern gerade der Vereinssport auf lokaler Ebene sowie die unermüdliche Vorstandsarbeit der lokalen Sport- und Jugendkommission verdienten Anerkennung. Darum werde man auch in Zukunft in der Gemeindeverwaltung bemüht sein den Sport weiterhin zu unterstützen. Nach den Glückwünschen von Marielle Goedert, Vorsitzende der Sportkommission kam es dann zur Verleihung der Preise. „Ski Nordique": Ben Frank, nationaler Meister im Klassik im freien Lauf bei den Junioren und bei der LASEL. „Indiaca": Coupe de Luxembourg: Herrenmannschaft- Vizemeister bei der Finalistes. Damenmannschaft und gemischte Mannschaft - Zweite und dritte Platzierungen. DT Schandel: Aufstieg von der dritten in die zweite Division mit sechs Spielern. Fussball- „FC Jeunesse Useldange", Minimes und Seniors Reserves: Aufstieg jeweils von der vierten in die dritte Klasse. Ein „Mérite Exceptionel" gab es für Armand Heirendt: Seit 1976 – Club-Spieler, Vorstandsmitglied und Vorsitzender. Vertritt zur Zeit den Posten des Vizepräsidenten und bemüht sich ganz intensiv um den Unterhalt von gleich zwei Fußballfelder und dem Getränkestand. In der Segelfliegerei kamen die Piloten, Guy Bechtold, Carlo Lecuit und Arny Weber für ihre besonderen Flugleistungen bei nationalen Rekorden zur Ehre. Guy Bechtold wurde seinerseits für seine besondere Flugleistung bei der internationalen Meisterschaft auf langer Distanz mit neuem europäischen Rekord beglückwünscht.

# SEIT JAHREN FREIWILLIG UND UNENTGELTLICH IM DIENSTE DER KIRCHE

## ERZBISCHOF MGR: JEAN- CLAUDE HOLLERICH EHRTE VERDIENSTVOLLE MITARBEITER

FOTO: CHARLES REISER

Am Fest der heiligen Kreuzfeier und im Kader der Ausstellung „Pray" war es für Erzbischof Mgr: Jean-Claude Hollerich eine besondere Ehre im Verlauf der Messfeier am Sonntag, den 12. März in der festlich geschmückten Pfarrkirche von Useldingen, gleich mehrere Mitarbeiter aus Useldingen, Rippweiler und Schandel für ihre besondere Verdienste im Dienste der Kirche zu ehren. In seiner Predigt ging Mgr. Hollerich auf die Bedeutung und die Präsenz des Kreuzes als Zeichen der Hoffnung und der Liebe im Leben des Menschen ein. In seiner Laudatio würdigte Lou Anzia-Ney, Vorsitzende der Vereingung „Kierch am Duerf Gemeng Useldeng" die Bereitschaft sich während Jahren freiwillig und unentgeltlich im Dienste der Kirche einzusetzen. Finny Schmit-Kleer aus Rippweiler, Jahrgang 1932, war bis vor kurzem aktiv bei den „katholische Fraen a Mammen Dekanat Ospern", im Dienstagsgebet in Everlingen, im Gesangverein in Rippweiler und später als Sängerin im gemeinsamen Gesangverein tätig. Seit 1986 hatte Finny Schmit die Verantwortung übernommen sich ganz für die Kirche in Rippweiler einzusetzen. Olga Thimmesch-Banella aus Useldingen, begabte Köchin, und seit über 30 Jahren stand sie dem Pfarrer zur Seite und trug Sorge dafür, dass die Kirche in Useldingen stets mit schönen Blumen geschmückt ist. Zusammen mit dem langjährigen Küster Nic. Eichenseher war ihr Einsatz während Jahrzehnten um die Sauberkeit und das Herrichten der Kirchen- und Altarkleidung bei Festlichkeiten von enormer Bedeutung. Auch Herr Jean Schmit aus Everlingen war schon in den 50er Jahren kirchlich tätig und hat sich im Laufe der Zeit zum ehrenamtlichen Küster hervorgearbeitet. Seit 1983 bis 2013 zuerst als Mitglied und später als Kirchenratspräsident tätig. Seine Diskretion, Disziplin und Einsatz bei den Kleidersammlungen für Osteuropa sowie sein großes Wissen über die Geschichte der Kirchen als Teil der Lokalgeschichte war für alle beeindruckend. Erzbischof Mgr. Jean-Claude Hollerich bedankte sich seinerseits bei allen ehrenvollen Mitarbeitern für ihren verdienstvollen Einsatz im Dienste der Kirche. Als Anerkennung wurden Finny Schmit-Kleer, Olga Thimmesch-Banella und Jean Schmit mit der „médaille de mérite de l'église catholique du Luxemburg" nebst einer Urkunde ausgezeichnet. Mit einer Rose als Dank kamen folgende Damen zu ehren die sich ganz als Kinderkatechet, in der Kinder- und Kommunionsgruppe und als langjährige Begleiterinnen einsetzten. Die Geehrten: Monique Barthel, Pascal Barthel, Léa Barthelemy-Sietzen, Marianne Metz-Harpes, Monique Kleer-Hoffmann, Margit Schroeder-Schmit, Marie-Thérèse Siebenaler-Birsens, Liane Hoffmann-Schmit und Annick Miller-Linster. Ebenfalls kamen der Erzbischof und Pfarrer Mathieu Janssen mit Blumen zu Ehren. Beim Schlusswort ging Bürgermeister Pollo Bodem auf die gute Zusammenarbeit mit Pfarrer Mathieu Janssen mit der lokalen Kirchenvereinigung ein die sich zum Zeil setzten die unsere Gemeinschaft heute braucht um sich in Zukunft modern aufzustellen und beglückwünschte abschließend die Geehrten für ihre Auszeichnung. Die Messfeier wurde von Erzbischof Mgr. Jean-Claude Hollerich gemeinsam mit Pfarrer Mathieu Janssen konzelebriert und vom lokalen Gesangverein unter der Leitung von Fernand Even mit Carlo Philippe an der Orgel musikalisch umrahmt.



# WANDERAUSSTELLUNG „PRAY" MIT 40 FOTOGRAFIEN

FOTO: CHARLES REISER



Juden, Christen, andere Religionen, Philosophien? Wo liegen die Unterschiede? Gibt es Gemeinsamkeiten und was ist ihre Bedeutung heute? All diese Themen konnte jeder interessierte sich anhand von 40 Fotografien von insgesamt 15 Glaubensgemeinschaften in der Pfarrkirche von Useldingen anschauen. Eingangs der Vernissage Feier ging Lou Anzia-Ney, Vorsitzende der Vereinigung „D'Kierch am Duerf Gemeng Useldeng" in Zusammenarbeit mit der „ErwuesseBildung" als Veranstalter, auf Sinn und Zweck dieser Wanderausstellung ein, dessen Ziel es ist die Förderung des interreligiösen und kulturellem Dialog sowie die Darstellung der einzelnen Religionen mit ihren spirituellen Aspekten in Luxemburg den Gläubigen vorzustellen. Dr. Wolfgang Fleckenstein, Professor für Religionsdidaktik, seinerseits stellte das Phänomen „Gebet" unter dem Thema - Wohin die Reise geht - mit den verschiedenen Religionen in der Welt und in Luxemburg in den Vordergrund. In seinem Schlusswort erklärte Pfarrer Mathieu Janssen den vielen Zuhörern die Wichtigkeit des Gebets im Leben des Menschen. Musikalisch wurde die Vernissagefeier von Organist Carlo Philippe umrahmt. Die Ausstellung „Pray" in der Pfarrkirche von Useldingen, verbunden mit einem Bücherstand mit dem Thema „Kommunion" war vom 8. bis zum um 12. März, jeweils von 14 bis 18 Uhr zu besichtigen.

# EXTRAIT DU REGISTRE AUX DÉLIBÉRATIONS
## DU CONSEIL COMMUNAL DE LA COMMUNE D'USELDANGE

**Finances**

Le conseil communal a approuvé les comptes administratif et de gestion pour l'année 2015, a voté le budget rectifié 2016, ainsi que le budget initial 2017, à l'unanimité.

Le collège des bourgmestre et échevins a présenté le programme pluriannuel financier (ppf) pour les années 2018 – 2020 au conseil communal.

Quelques chiffres important :

Budget ordinaire : recettes 6.706.498,18 €, dépenses 5.477.826,24 €

Budget extraordinaire : 1.622.292,80 €, dépenses 4.645.194,28 €

Boni : 2016 2.016.423,91 €, 2017 222.194,37 €

Investissements principaux :

Transformation de l'ancienne école en « Business Center » 785.000 €

Transformation de l'ancienne tannerie 1.365.000 €

Places publiques et site touristique 200.000 €

Remise en état du chemin vicinal rue de l'Eglise à Useldange

**Tourisme**

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité la convention signée avec le syndicat intercommunal « De Réidener Kanton », concernant la gestion du gîte touristique en construction à Useldange.

**Transport**

Le conseil communal a approuvé la convention avec le forum pour l'emploi, concernant le service Bummelbus pour l'année 2017.

**Divers**

Le conseil communal a donné le nom de « Am Millenhaff » à la place menant au Centre Culturel d'Useldange et à la maison voisine « Maison Dieschbourg ».

# KOMMIOUN 2017

FOTOEN: CHARLES REISER

Um Sonndeg den 8. Mee 2017 hun eng 20 Kanner aus der Par Useldeng hir éischt Kommunioun an der festlich geréschter Kierch vun Useldéng vum Abbé Mathieu Janssen empfang.







# VULLE-BEOBACHTUNG

FOTOEN / TEXT: LÉON GREGORIUS





Léierchen = Alouette = Feldlerche
(Photo aus „Kosmos Naturführer – Singvögel", ISBN 3-440-06409-3)



Fluessfénkelchen = Linotte = Hänfling
(Photo aus „Kosmos Naturführer – Singvögel", ISBN 3-440-06409-3)

## Léierchen, Gielemännchen a Fluessfénkelchen: Vulle vum Flouer zu Useldeng,

ënner dem Motto hat d'Gemeng Useldeng mat hirer Ëmweltkommissioun, der Natur&Ëmwelt Sektioun Kanton Réiden an der SICONA, op e ganz intressanten Tréppeltour, Sonndes den 30. Abréll 2017, invitéiert.

Ënnert der kompetenter Begleedung vum Här Fernand Schoos vun der SICONA, krute mer e ganz léierräichen Abléck an d'Vullewelt vun eiser Géigend. Donieft gouf et och intressant Detailer iwwert d'Natur, d'Flora an d'Heckelandschaft als Liewensraum fir d'Villercher um Gewan ëm d'Heckefräschdëmpelen op der Ho. Bei herrlechem Fréijoerswieder hu mer nieft deenen opgezielte Vullenaarten, nach vill aner Zorten vun typesche Villercher vum Flouer an aus den Dierfer kennegeléiert.



Déi Naturfrënn déi op dësem flotte, gesellegen an informativem Spadséiergank matgemaach hunn, waren déck begeeschtert a freeë sech op weider Aktivitéiten fir „Natur for People – People for Natur" vum Naturschutzsyndikat SICONA.

# POMPJEEËN GEMENG USELDENG

TEXT: KAUFMANN CLAUDE / FOTOEN: BACH CLAUDE, CONTER GUY, KAUFMANN CLAUDE, OLSEM TOM

### Generalversammlung vum Joer 2016

Den Optakt vum neie Joer huet de Samschdeg 14. Januar d'Generalversammlung vun de fräiwëllege Pompjeeën aus der Gemeng Useldeng gemaach. Vill Memberen a Invitéeë konnten deen Owend am Centre Culturel zu Useldeng begréisst gi fir de Bilan vum Joer 2016 ze maachen. Op der Dagesuerdnung stoungen och Deelweis Neiwahle vum Comité, deen elo folgendermoossen opgestallt ass:

KAUFMANN Claude (Kommandant), BACH Claude (Ënnerkommandant), THIEL-GROSBER Elvire (Ënnerkommandant), RIEFF Isabelle (Secrétaire), HARPES Remy (Caissier), KULINNA Gust (Sektiouns-Chef), LOOS Martin (Sektiouns-Chef), OLSEM Tom (Sektiouns-Chef), THIEL Romain (Sektiouns-Chef), THEIß Christophe (Jugendleeder), BACH Chris (Gerätewaart), FEINEN Raymond (Bäisëtzenden), HOFFMANN Christophe (Mannschaftsvertrieder).

De BOUDLER Georges verléisst de Comité a kritt ee klénge Cadeau fir säin Engagement an de leschte Joren. Beim gemeinsamen Iessen no der Generalversammlung, ass och dësen Owend flott ausklénge gelooss ginn.



### Méi Sécherheet fir eis Otemschutzdréier

Ufanks Januar konnt an eisem Otemschutzatelier ee Préifkapp a Betrib geholl ginn, deen eis et erméiglecht déi noutwenneg regelméisseg Préifunge vun eisen Otemschutzgeräter nom Asaz selwer duerchzeféiere. Dës Préifunge sinn ee wichtege Bestanddeel fir d'Sécherheet vun eise Leit am Asaz ze garantéiere. Fir déi néideg Reparaturen un dëse Geräter och kënnen duerchzeféiere, ware de KULINNA Gust an de THIEL Romain nach an eng Formatioun bei d'Firma MSA Auer op Berlin, a sinn elo als Otemschutzgerätewaart zertifiéiert.



### Pompjeesiessen zu Iewerleng

Fir déi drëtt Editioun vum Pompjeesiessen, haten d'Pompjeeën de Sonndeg 5. Februar an de Centre Culturel op Iewerleng invitéiert. Och dëst Joer war de Sall erëm gutt gefëllt. Um Menü stounge Lëtzebuerger Spezialitéiten an duerno natierlech och eng Partie Desserten, an natierlech och eis Tombola mat flotte Präisser.

Mir free eis op alle Fall schonn, fir Iech och d'nächst Joer erëm hei begréissen ze kënnen.



| | |
|---|---|
| Noutruffnummer | 112 |
| **Kommandant** | |
| KAUFMANN Claude | 621 192 016 |
| **Ënnerkommandant** | |
| BACH Claude | 661 153 290 |
| THIEL-GROSBER Elvire | 621 191 071 |
| **Jugendleeder** | |
| THEIß Christophe | 621 619 238 |
| BIC : BCEELULL | |
| IBAN : LU 23 0019 4455 5565 6000 | |



## Buergbrennen zu Schandel

D'Buergbrennen zu Schandel ass ee feste Rendez-vous am Manifestatiounskalenner. Dëse flotte Brauch gëtt scho laang Jore vun de Pompjeeën zu Schandel oprecht erhal, an entwéckelt sech vu Joer zu Joer, zu ëmmer méi engem grousse Fest. De Samschdeg 4. Mäerz war et dann erëm esou wäit. Vill Leit haten de Wee op Schandel fonnt fir an enger flotter Ambiance d'Buerg ze kucken. An der gehëtzter Hal an engem zousätzleche gehëtzten Zelt huet kee missen Honger a Duuscht leiden.

## Regionale Pompjeescross zu Useldeng

Dëst Joer war et um Pompjeescorps aus der Gemeng Useldeng, fir de Regionalverband vun de Pompjeeën aus der Regioun Norde bei der Organisatioun vum Pompjeescross ze ënnerstëtzen. Dës Laf-Competitioun fir Pompjeesmembre gëtt all Joer an der Regioun organiséiert, an esou waren de Samschdeg 25. Mäerz, d'Stroossen an d'Bëscher ronderëm d'Schoul zu Useldeng fest an der Hand vun de Pompjeeën. Eng 90 Leefer goungen a verschiddene Kategorien un de Start. Eng 13 Leefer ware vun eisem Corps mat dobäi a konnten och esouguer verschidde Podiumsplaze fir sech entscheeden. An der Kategorie „Minimes" konnt d'BOUDLER Liz sech déi éischte Plaz sécheren,an der Kategorie „Junior" war et déi drëtte Plaz fir de CANNUCCI Pit, an der Kategorie „Seniors 1" huet den THEIß Christophe déi éischte Plaz kritt, an der Kategorie „Veterans 1" war et déi éischte Plaz fir den HARPES Remy, an de KULINNA Gust huet an der Kategorie „Veterans 3" déi drëtte Plaz gemaach.




## Aweiung vum neie Pompjeescamion a vum neie Fändel den Sonndeg 2. Juli 2017




No enger laanger Virlaafzäit ass et endlech esouwäit. De neie Pompjeescamion ass am Gaang fäerdeg gestalt ze ginn a wäert Mëtt Juni ausgeliwwert ginn. Dëst Gefier ass jo als Ersatz fir véier ale Gefierer a véier Unhänger geduecht, déi bei der Fusioun ofgeschaaft goufen. Mir freeën eis elo schonn dat neit Gefier kennen a Betrib ze huelen.

No der Fusioun am Joer 2015 huet dem neie Pompjeescorps awer nach eppes gefeelt, an zwar een eegene Fändel. Aktuell droe mir bei de kierchlechen a weltleche Fester ëmmer ee vun deene véier Fändele vun den ale Corpsen. Scho kuerz no der Fusioun stoung awer fest, datt



de neie Corps och soll een eegene Fändel kréien. Esou huet de Comité schonn am Laf vun 2016 een Entworf ausgeschafft an och verschidden Offeren ugefrot. Ugangs vun dësem Joer ass dunn d'Commande fir den neie Fändel un d'Firma Fahnen Eibl aus Olching (bei München) erausgaange.

Et ass geplangt deen neie Fändel zesumme mam neie Camion feierlech anzeweien. Duerfir si mir ganz frou, an Zesummenaarbecht mam Schäffen- a Gemengerot, Iech elo schonn fir dës Feierlechkeeten ze invitéiere, a bieden Iech elo scho, Iech de Sonndeg 2. Juli heifir fräizehalen.

# POMPJEEËN GEMENG USELDENG

*Useldeng, den 24. Abrëll 2017*

*Léif Awunner a Geschäftsleit aus der Gemeng Useldeng,*

*Zanter dem 1. Januar 2015 sinn déi véier Pompjeescorpsen aus der Gemeng Useldeng elo zu engem eenzege Pompjeescorps fusionéiert. No enger kuerzer Bauzäit konnt och den 3. Juli 2015, den neie Pompjeesbau, am Gemengenzenter Weidfeld ageweit ginn. Haut, bal zwee Joer méi spéit, hunn mir eis dofir entscheet, datt deen nei gegrënnte Pompjeescorps och een eegene Fändel soll kréien.*

*Ee Fändel steet natierlech och an den haitegen Zäiten nach ëmmer als Symbol vun der Eenegkeet, der Verbonnenheet, der Treiheet an der Komerodschaft.*

*Déi feierlech Aweiung vum neie Fändel fënnt de Sonndeg 2. Juli 2017 zu Useldeng statt, dat am Kader vun Feierlechkeete wou och den neie Pompjeescamion ageweit gëtt.*

*Den éischte Entworf vum neie Fändel kennt Dir och schonn hei gesinn. Esou fënnt een op der Uertssäit jeeweils ee Gebai resp. eng Plaz vun de véier Uertschaften erëm. Fir Useldeng ass dat d'Buerg, fir Iewerleng ass dat d'Kierch, fir Schandel steet de Fräiheetsgaart a fir Rippweiler de Waassertuerm. De Wope vun der Gemeng Useldeng duerf hei natierlech och nitt fehlen, esou wéi de Schrëftzuch „Pompjeeë Gemeng Useldeng" mam Grënnungsjoer 2015. D'Veräinssäit ass an den nationale Faarwe „rout-wäiss-blo" gehaal, a mam Schrëftzuch „Ee fir all, all fir een" versinn. Desweideren ass hei ee Pompjeeshelm mat Pompjeesaxten am Zentrum.*

*Den neie Fändel, gëtt natierlech nitt nëmme bei kierchlechen a weltleche Fester virop gedroen, mee dëse gëtt och als leschte Grouss iwwert d'Graf vun eise verstuerwene Komerode geneigt. D'Uschafung vun engem Fändel bedeit och gläichzäiteg eng grouss finanziell Ausgab. Mir hunn eis duerfir iwwerluecht, mam Verkaf vu Plaquetten eis déi néideg finanziell Mëttel ze ginn.*

*D'Pompjeeën aus der Gemeng Useldeng géifen lech duerfir froen, op Dir gewëllt wiert, fir eis eng Plaquette ze offréieren an domadder Pätter/Giedel beim neie Fändel ze ginn. Dës Plaquette gi et a 4 verschiddene Gréissten. Den Numm vun den Donateure gëtt dann op d'Plaquetten opgedréckt. Fir eng bleiwend Erënnerung un Ären Don ze maachen, ginn sämtlech Plaquetten op engem flotte Band fixéiert. Dëst Band wäert dann eng Éire-Plaz un enger Wand am Pompjeesbau fannen.*

*Mir soen lech elo scho villmools Merci fir Ären Don.*

Är Pompjeeën aus der Gemeng Useldeng






Hei ee Beispill, wéi déi Plaquetten an duerno och dat Spenderband ausgesäit.

Op de Plaquette steet natierlech den Numm vun den Donateuren.

Äre Don kennt Dir per Iwwerweisung bis den 31. Mee 2017 op eise Compte maachen:

BCEE LULL:
LU23 0019 4455 5565 6000
Kommunikatioun:
Fändel & „Ären Numm“ & „Är Adress“




Spezial
ab 500,00 €




Grouss
ab 250,00 €




Mëttel
ab 100,00 €




Kleng
ab 50,00 €




Chef de corps :
KAUFMANN Claude
7A, rte d'Arlon
L-8706 USELDANGE
E-mail :
claude@kaufmann-biesen.lu

Secrétaire :
RIEFF Isabelle
1, beim Waeschbuer
L-9137 SCHIEREN
E-mail : rieffisa@yahoo.com

Caissier :
HARPES Remy
20, Grottestrooss
L-8720 RIPPWEILER
E-mail :
remy.harpes@central-fuel.lu

# VERLOUNT ÄER IMMOBILIEN UN DE RÉIDENER KANTON SÄIN NEIE SERVICE HAUS CARE!

Léif Proprietairen aus dem Réidener Kanton,

De Gemengesyndikat huet viru kuerzem d'Madame Monique Mahowald (Immobilienagentin) fir de neie Service Haus Care engagéiert, fir an sengem Numm mat lech Kontakt opzehuelen. Mir sinn op der Sich no Logementer, déi mir un eis Bierger weiderverloune kënnen. Dir kennt d'Situatioun um Wunnengsmaart. Vill Familljen, Jonker a Seniore kënnen sech d'Loyeren net méi leeschten.



### Haus Care: Win Win Situatioun

Ënnert de Proprietairen ass gewosst: Et ass net evident déi richteg Leit ze fannen! Dat Ganzt ass mat vill Mënschekenntnis, Opwand a Suerge verbonnen. Mir sinn eis däers bewosst an hunn deemno no Solutioune gesicht, déi allen zegutt-, an lech entgéint kommen. Gitt Dir e Logement un Haus Care virun, si Dir eng Rëtsch Suerge lass an Dir profitéiert vu séllechen Avantagen, déi net vun der Hand ze weise sinn.

### De Gemengesyndikat als Bierg

- Mir garantéieren, dat Dir net nëmmen de Loyer all Mount pünktlech bezuelt kritt, mä och e laangfristege Locatioun's Kontrakt.
- Mir kucke no ären Haiser, Appartementer oder Studioen. Kleng Reparature gi vun eis iwwerholl. Deemno bleift äre Besetz an engem garantéiert propperen Zoustand.
- E Locatioun's Kontrakt mat Haus Care erméiglecht lech eng steierlech Bonificatioun vum Loyer vu 50 %. (loi modifiée du 25 février 1979 mémorial A - no. 274 du 27 décembre 2016, art.115 §13)
- Mir proposéieren lech eng attraktiv Virfinanzéierung vun eventuelle Renovatiounsaarbechten, sollt Dir a Besëtz vun engem Bien sinn, dee net op der Héicht ass fir ze verlounen.
- D'Locatairen, déi an är Wunnenge kommen, gi vum Office Sozial OsCare suivéiert a begleet.

### Informéiert lech bei Haus Care

Dir hutt bestëmmt nach Froen, Bedenken, Iddien? Rufft un. D'Madame Mahowald ass ären Uspriechpartner. Haus Care ass op vu Méindes bis Freides vun 09 bis 13.00 Auer.

Am Numm vun de Gemenge Biekerech, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Rammerech, Réiden, Séll, Useldeng, Viichten a Wahl soe mir lech elo scho villmools Merci fir äert Engagement.


Garantéierte Loyer
Laangfristege Kontrakt
50% Steiererliichterung
Gratis Entretien & Gestioun
Attraktiv Virfinanzéierung
fir Renovatiounsaarbechten

HAUS CARE
Maison Worré
11, Grand-Rue / L-8510 Réiden / T 621 887 941
monique.mahowald@reidener-kanton.lu

Uspriechpartner fir eis Gemeng ass de Gemenge Sekretär Marc Thill! Tel.: 23 63 00 51 - 21

# JAHRESHAUPTVERSAMMLUNG DER HARMONIE USELDENG 2017

TEXT: KARIN PICK / FOTO: TESSY HEIRENDT




Der Vorstand der Harmonie Useldingen konnte wieder zahlreiche Gäste in der Hauptversammlung begrüßen.

Erfreut war die Harmonie Useldingen weil 2016 wieder gute Arbeit auf den Veranstaltungen und Konzerten geleistet wurde, sowie auch zahlreiche Aktivitäten auswärts mit viel Erfolg und Freudegetätigt wurden.

Durch die Begrüßung von Präsident Georges Boudler wurde die Hauptversammlung eröffnet. Nach seiner Begrüßung führte er die Gäste durch das Jahr 2016 mit all seinen Aktivitäten. Dabei kam hervor dass die neuen Musikanten sich alle toll eingelebt haben. Besichtigt wurde das Omega Haus nach einer großzügigen Spende. Des Weiteren konnte Präsident Georges Boudler ankündigen, dass der Verein im Laufe des Jahres 2017 ein Vibraphone kaufen wird. Nach diesen und vielen anderen Dingen gab er das Wort an die Sekretärin Karin Pick, welche die Musikanten und Mitglieder der Hauptversammlung aufrief, den Rückblick von 2016 und den Ausblick 2017 vorstellte. Anschließend wurde von Kassenwart Roland Wald genau aufgelistet welche Ausgaben und Einnahmen die Gesellschaft im Jahr 2016 verzeichnen konnte. Er schloss seine Rede damit ab, dass er ganz zufrieden ist über das Jahr 2016. Die Kassenrevisorin Diane Hennico bestätigte dass bei der Überprüfung der Konten der Musikgesellschaft nichts zu beanstanden war. Die beiden Berichte wurden durch Applaus bestätigt.

Dieses Jahr musste sich eine Hälfte des Vorstands für die Wahl aufsetzen. Daraufhin setzten sich folgende Mitglieder des Vorstands zur Wahl: Bourg Ben, Heirendt Monique, Heirendt Nathalie, Nothum Joëlle und Pick Karin. Kein weiteres Mitglied des Vereins hatte sich zur Wahl aufgesetzt und die Mitglieder des Vorstands haben sich alle wieder gemeldet. Somit bleibt alles wie vorher im Vorstand bestehen.

Der Vorstand ist wie folgt zusammengesetzt: Georges Boudler (Präsident), Monique Heirendt und Guy Frank (Vizepräsidenten), Roland Wald (Kassenwart), Karin Pick (Sekretärin), Guy Reichert, Ben Bourg, Malou Grasges, Nathalie Heirendt, Joëlle Nothum, Manon Schanen.

Dirigent Paul Fox lobte seine Musikanten für Ihren tollen Einsatz im Jahr 2016 und ermahnte einen noch besseren Probebesuch.

Zum Abschluss wurde Bürgermeister Pollo Bodem gebeten ein Schlusswort an die Hauptversammlung zu richten. Damit ergriff er auch die Gelegenheit. In seiner Rede lobte und beglückwünschte er die Musikanten und Vorstand für die zahlreichen Aktivitäten des vergangenen Jahres. Des Weiteren teilte er mit dass der neue Schrank im Musiksaal in Arbeit ist, und bald fertig gestellt wird. Der Vorstand nahm dies dankend zur Kenntnis. Am Ende seiner Rede bemerkte Bürgermeister Pollo Bodem, dass er stolz sei über die gute Führung des Vereins und hoffe, dass dies in Zukunft auch so bleibe.

# WAT ASS LASS AM SCHLASS?

## NEIEGKEETEN VUN A RONDERËM D'BUERG

*WWW.CASTLE-USELDANGE.LU*



Foto: Claude Bach

# CHRËSCHTDAG OP DER BUERG 2016

FOTOEN: CLAUDE BACH



Den 9ten an 10ten Dezember 2016 war et nees sou wäit a mir konnten während 2 flotten an erfollegräichen Deeg ob der Buerg eis a Chrëschtdags Stëmmung versetzen loossen.

Mir haten dëst Joer vir d'éischt 2 Concerten an der Kierch, déi mir live ob de Site vun der Buerg iwwerdroen hunn. Freides owes huet de Gesang aus der Gemeng Useldeng virun bal honnert Leit an der Kierch mat engen flotten ofwiesslungsräichen Concert begeeschtert. Samschdes owes hate mir den Ensembel Vokal „VIVACE" , déi zu iwwert 40 Sängerinnen a Sänger eis duerch verschidden Epochen vun eiser Zäitgeschicht entfouert hunn.

Do nieft haten eis Dammen et nees eng Kéier fäerdeg bruecht eng ganz Réi vu Kréppercher an der Kierch opzeriichten an sou e stëmmungsreiche Kader ze schafen.

Ob der Buerg haten mir een zousätzlechen Pavillon opgeriicht vir de Leit eng Sëtzméiglechkeet ze bidden wou si gemittlech konnten déi vill lecker Menüen an dat „kreativ" Gedrénks vun eisen Veräiner schmaachen.

Och dëst Joer konnten d'Schoulkanner aus der Useldenger Schoul, de Jugendorchester vun der Useldenger Musek, an den Flüttenensembel vun der Réidener Musekschoul eis an eng flott Chrëschtdags-Stëmmung versetzen. Hinnen all an och hirem Léierpersonal an







hiren Dirigenten e grousse Merci. Et ass ëmmer e ganz flotten a vir vill Elteren och e ganz emotionalen Moment wann eis Kanner optrieden.

Zousätzlech huet den Saxophon-Ensembel „REDSAX" an freides owes d'Magic Jazz Band zu dem musikaleschen Deel bäigedroen.

Mir haten dëst Joer 10 Stänn mat mat lessen a Gedenks vu eisen Veräiner an 13 Verkafsstänn mat Chrëschtdagscadeauen an Konschtwierker vun eisen Hobby Kënschtler, den Schoulkanner an der asbl „op der Schock".

Zum Schluss well ech all de Leit aus de Veräiner: Pompjeeën Gemeng Useldeng, Dëschtennis Schandel, Fussball Useldeng, Elterevereenegung Useldeng, Useldenger Théâterkëscht, Aktiv Mammen Useldeng, Groussbusser Scouten , Natur an Ëmwelt, Club des Jeunes lewerleng, Gaart an Heem Useldeng, an Hielefuerscher Useldeng, mengen Kolleginnen a Kollegen aus der Kulturkommissioun, der Gemeng an hiren Aarbechter a jiddereen den derzou bäigedroen huet dass des 3 Editioun e groussen Erfolleg war am Numm vun der Kulturkommissioun e grousse Merci soen, vir déi vill Stonnen wou si an dësen schéinen Chrëschtdag ob der Buerg investéiert hunn.

Kulturkommissioun
President
Schmit Raymond





# D'SCHOULKANNER VUN USELDENG „ERLIESEN D'BUERG"

FOTOEN: TOM LEHNERT





Am Januar 2016 huet sech d'Schoul Useldeng enger grousser, oder besser gesot héijer Erausfuerderung gestallt: All d'Schoulkanner zesumme probéieren esou vill Bicher ze liesen, datt - wann ee se all openee géing leeën - d'Héicht vun der Useldenger Buerg erreecht gëtt. Mir schwätzen hei vun 28 m!

D'Iddi war et virun allem fir d'Kanner an Zäiten vun PC, Laptop, Tablet, Handy etc. nees méi fir d'Bicher ze sensibiliséieren an zum Liesen ze motivéieren. D'Schoulbibliothéik ëmfaasst ëmmerhin iwwer 3.000 Bicher. Mir hunn also eng Bibliothéik, déi dank der finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng iwwer Joren, ganz gutt a breet opgestallt ass, esou datt all Kand een interessant Buch hei ka fannen.





D'Gemeng huet bei dësem Challenge och hier Verantwortung geholl an eis versprach, datt si der Schoul pro gliesenen Zentimeter een Euro géing spendéieren, esou datt all Klass sech nei Bicher kéint zouleeën.

All Schüler huet also ab dunn fläisseg Zentimeter gesammelt, dat heescht all geliese Buch gemooss an d'Déckt a Millimeter op enger spezieller Fiche festgehalen. Virun all Vakanz gouf dunn an der Schoul en Tëschebilan gezunn an déi „erliesen" Zentimeter si grafesch an der Entrée vun der Schoul um Riesepouster 1:10 vun der Buerg markéiert ginn. Dëst huet d'Kanner natierlech nach eemol extra motivéiert.

Den 18. Mäerz 2017 gouf schlussendlech dat ganz ambitiéist Ziel erreecht. Fir dat ze feieren gouf eng grouss Iwwerreechung an der Sportshal organiséiert, dëst an der Presenz vum Buergermeeschter mat sengem Schäfferot, Vertrieder vun der Maison Relais an der Elterevereenegung, dem Léierpersonal a schlussendlech den Haaptacteuren, de Schoulkanner. Hei krut dunn all Klass fir hier Efforten felicitéiert an hier nei Bicher iwwerreecht.

Déi Useldenger Buerg huet also ab elo zwee Tierm: Een historeschen, deen dir kennt, an een neien, een aus Bicher, dee vun eise Schoulkanner!

Sylvie Reuter fir d'Schoul Useldeng

# ENG AUSZEECHNUNG FIR EIS KANNER: DEN ENERGIEFÜHRERSCHÄIN!



D'Klass vum Cycle 4.1 am Bunker vum Holzhackschnëtzel.

Zënter mëttlerweil 1997 besteet d'asbl Réidener Energiatelier am Réidener Kanton. Hiren Objektiv ass et souwuel Privatleit wéi och d'Gemengen an déi kleng a mëttelstänneg Betriber zu den Themen „Energie spueren" wéi och „erneierbar Energien" ze sensibiliséieren an ze beroden. Dee sënnvollen Ëmgang mat Energie steet an direktem Zesummenhang mam Ëmwelt- a Klimaschutz.

An Ëmwelt- a Klimaschutz ass eng Fro vu Generatiounegerechtegkeet well et virun allem fir eis Kanner ass, woufir mir eis haut mat dësen Themen auserneen setze mussen. A genau ëm eis Kanner geet et hei.

Den Energieatelier, a Persoun vum Marc Staus, war virun e puer Wochen bei eise Kanner am Cycle 4.1. Zesumme mat der Joffer Claudine Risch gouf iwwer 3 Deeg e flotte Cours ofgehalen bei deem de Kanner d'Thema Energie op spilleresch Aart a Weis méi no bruecht gouf.

Nieft engem Deel Theorie, villen Experimenter, e puer Hausaufgaben an enger ofschléissender Visite zu Biekerech um Site vun der Biogasanlag hu sech d'Kanner d'Auszeechnung zum **Energie-Expert** nu wierklech verdéngt.

Hutt och Dir Froen zum Thema Energie spueren oder erneierbar Energien, dann zéckt net a mellt lech op der gratis Energie-Infoline um Tel.: 26 62 08 01.

# LES SEIGNEURS D'USELDANGE ENTRE LE 11ÈME ET LE 13ÈME SIÈCLE




**Travail de candidature de Stephie Reichert pour devenir professeur d'histoire**

Le site médiéval d'Useldange est populaire par sa revalorisation architecturale et son circuit didactique pour personnes handicapées qui en ont fait un projet-pilote de l'Unesco.


Au Moyen-Âge, Les premiers seigneurs d'Useldange connus sont Théobald d'Useldange et sa femme Azeka. Ils semblent provenir de la noblesse ancienne du pays. C'est grâce à une politique habile et d'importants moyens financiers qu'ils parviennent à mettre en place un prieuré, c'est-à-dire un monastère subordonné à une abbaye plus importante. Ici, il s'agit de la prestigieuse abbaye bénédictine de Molesme, en Bourgogne, qui affectera une partie de ses moines à Useldange.

Ce prieuré attire une nouvelle population et confère au château d'Useldange une importance supplémentaire vers 1100.

Dans mon travail, je m'intéresse donc à l'essor de ce site castral. Je cherche à y analyser les caractéristiques de la noblesse locale. Cette « success story » est relativement brève : elle se terminera au XIVe siècle avec la reprise du château d'Useldange par les seigneuries notables telles que les Boulay, Rodemack, Baden et Ansembourg.

Le château d'Useldange est un lieu qui m'est cher. Mon grand-père, infirmier de son métier, y a vécu avec sa famille. Il était chargé de la gestion du stock pour le matériel hospitalier d'urgence de la Protection Civile qui se trouvait dans le château-même.

Je suis née à Useldange et j'y ai toujours vécu. Mes parents et ma sœur habitent toujours là.






Ce travail m'a fait réaliser que nous en savions finalement assez peu sur le passé de notre village. J'espère avoir apporté un petit éclairage historique supplémentaire à ses habitants.

La finalité de ma recherche : Mon travail de candidature pour devenir professeur intitulé « Etude sur les origines de la noblesse seigneuriale d'Useldange : le cas des seigneurs d'Useldange (XIe-XIIIe siècles) ».

Photos de l'exposition « têtes chercheuses » aux archives nationales de Luxembourg du 14.10.2016 – 28.02.2017.



# APECU ELTEREVEREENEGUNG VUN DER GEMENG USELDENG



Die Elternvereinigung (APECU) ist auch im Schuljahr 2016/2017 wieder aktiv, mit -und für die Kinder der *Grondschoul Useldeng*.

Bereits am 9. November konnten die Kinder des Cycle 3.2 und 4.1 (4. & 5. Klasse) am Sicherheitstraining für den Umgang im Internet von BEE SECURE teilnehmen. „Welche Gefahren können im Internet auf sie zukommen?" „Wie können sie diese erkennen und vermeiden?" „Worauf sollen sie achten,... ?" All diese Fragen bekamen die Kinder von einer *Fachfrau* erklärt und Probleme/ Gefahren und Vorsichtsmaßnahmen praktisch gezeigt. Mit viel Begeisterung und vielen Fragen haben die jungen Internet-Nutzer diese „Weiterbildung" aktiv mitgestaltet.



Am 25.November 2016 wurde dann ein gemeinsamer Film-Nachmittag in der Schule organisiert. 150 Kinder der Schule haben daran teilgenommen und den Nachmittag zusammen mit ihren Schulfreunden/Innen verbracht. Neben den beiden Filmen (aufgeteilt nach Alter), wurde gemeinsam gespielt und Popcorn, Kuchen und Würstchen gegessen.

Das Komitee der APECU war auch dieses Jahr wieder mit einem Stand auf dem *Chrëschtmaart op der Buerg* im Dezember im Einsatz. Der Gewinn sowie der Erlös vom Filmnachmittag wird für die weiteren Aktivitäten - also für unsere Kinder - verwendet.

So eine Aktivität war auch die „Nacht im Klassenzimmer", die vom 10. auf den 11. März 2017 für die







An dieser Stelle noch ein großes MERCI an die *Equipe der Maison relais*, die uns ihre Räumlichkeiten zur Verfügung gestellt hat sowie an die beteiligten Lehrerinnen, die uns tatkräftig bei der Umsetzung unterstützt haben.

Kinder des Cycle 2 (1. & 2. Klasse) stattfand. Zusammen mit den Lehrerinnen der drei Klassen, hat die APECU die Kinder eingeladen gemeinsam einen schönen Abend, eine Nacht im Klassenzimmer und ein gemeinsames Frühstück in der Schule zu erleben. Unter großem „*Hallo*", wurden die ca. 50 Kinder um 18.30 Uhr von ihren Eltern in die Schule gebracht. Dort konnten sie in Gruppen, zusammen mit ihren Lehrerinnen an 3 verschiedenen Ateliers der APECU teilnehmen. Dabei wurde sich bei einem sportlichen Hindernislauf, dem Mitspielen in einer Klanggeschichte und dem Basteln eines Türschildes gut amüsiert. Zwischendurch mit Sandwichs gestärkt, war es dann endlich Zeit, die Schlafanzüge anzuziehen, Zähne zu putzen, in die Schlafsäcke zu schlüpfen und den Geschichten der Lehrerinnen zuzuhören.





Nach einer mehr oder weniger ruhigen Nacht und dem Zusammenpacken der Sachen, gab es dann ein Frühstück mit Croissants, Brötchen und warmen Schocki.

Ein wenig müde aber sehr zufrieden und um ein tolles Erlebnis reicher, so könnte man das Fazit der „*Nacht im Klassenzimmer*" zusammenfassen.



Und das Schuljahr ist noch nicht zu Ende. Es stehen noch die Aktivitäten für den Cycle 1 und den Cycle 4 an (die an dieser Stelle noch nicht verraten werden) und natürlich das große Schulfest zum Abschluss des Schuljahres, welches dieses Jahr schon sehr früh – nämlich am Freitag den 7.Juli 2017 – stattfinden wird.

Wie sie sehen können, die APECU ist aktiv - aktiv fir eis Kanner -.

Christel Gottschalk
(im Auftrag der APECU)

# L'INTERNAT POUR LES ÉLÈVES DE L'ATERT-LYCÉE REDANGE

## ÉTUDIER DANS LA NATURE POUR MIEUX ÉVOLUER
## EIST INTERNAT AM GRÉNGEN FIR AERT KAND





**Wünschen Sie sich für Ihr Kind eine stabile Unterstützung in der Bewältigung seines täglichen Hausaufgabenpensums in einem naturnahen, schönen Umfeld, mit Gleichaltrigen, mit denen es auch eine ausgewogene und spannende gemeinsame Freizeit erleben könnte?**

Das alles mit der Unterstützung durch ein engagiertes Team von SozialpädagogInnen und Erzieher-Innen, die Ihnen und Ihrem Kind Stabilität, Struktur und Orientierung bieten?

Direkt neben dem Schulgebäude, so dass jede Schuleinrichtung in kurzer Zeit erreicht werden kann?

Dann kontaktieren Sie uns für einen Besichtigungstermin unter der Nummer 26 62 32 – 700.

Wir sind von Montag 7:00 bis Freitag 18:00 für die Beantwortung Ihrer Fragen für Sie disponibel und geben Ihnen gerne Auskunft über unser Internat.

Schauen Sie ruhig auf unsere Internetseite unter **www.alr.lu**.

ATERT-LYCÉE REDANGE







# USELDENG AM MËTTELALTER XI FÊTE MÉDIÉVALE D'USELDANGE 10. – 11. JUNI 2017

„Useldeng am Mëttelalter", ja das klingt interessant. Nun schon seit Jahren ist es eine Tradition. Anfang Juni treffen sich in Useldingen mittelalterbegeisterte Darsteller, Kaufleute und Ritterscharen um das Mittelalter über zwei Tage wieder aufleben zu lassen. 2017 findet die Veranstaltung zum 11. Mal statt. Und es wird bestimmt auch diesmal keine Langeweile aufkommen. Tausende Besucher tauchen in diese geheimnisvolle Zeit unserer Urahnen ein, wobei die Zeitreise samstags ab 11:00 Uhr beginnt und bis sonntags 19:00 Uhr andauert, alsdann das normale Leben in das Dorf wiedereinkehrt.

Man kann sich eigentlich keine bessere Kulisse für ein Mittelalterfest denken. Stolz ragt die Useldinger Burg über das Geschehen und Treiben, Dudelsäcke, Schalmeien, Zister und Trommeln erztönen von überall her. Gaukler, Hexen und andere düstere Gestalten treiben ihr Unwesen. Es duftet nach Essenzen, der Geruch vom Spanferkel, das über dem Feuer seine Runden dreht, lässt den Magen knurren. Hunger? Kein Problem: Abhilfe verschafft ein saftiger Ritterburger, ein paar leckere, süße Strauben oder „Tittelen". Dazu ein kühles Kellerbier, auch die alten Rittersleut wussten das Leben zu geniessen. Vielfältige Händler preisen ihre Waren an, Kindergeschrei ertönt von der Wikingerschaukel her, ein vollbesetztes Karussell dreht seine Runden. Der Salzbader hat Hochkonjunktur. In seinem Zuber sitzen ein paar Unetwegte und geniessen dazu kühlen Gerstensaft aus steinernen Krügen. Für den Nachwuchs gibt's Abwechslung zu Hauf: Töpfer-Atelier, Brettchenweben, Face-painting, Kupferschmiede, das Gänsespiel, Kerzenziehen, Mausroulette und vieles mehr, das Angebot an Kinderaktivitäten ist überwältigend. Summa sumarum: Mit viel Engagement haben die Organisatoren es verstanden wieder ein tolles Programm zusammenzustellen. In der Hoffnung, dass der liebe Wettergott ein Einsehen hat und gutes Wetter schickt, denn das ist auf jeden Fall eine Zusatzbedingung für ein gutes Gelingen. „Useldeng am Mëttelalter", am 10. Und 11. Juni 2017. Samstags ab 11 Uhr, sonntags von 10 – 19 Uhr. Eintritt 5,- Thaler, Gewandete zahlen deren 2. Gratis Eintritt für Behinderte und Kinder bis 12 Jahre.



# RANDONNÉE VTT - 09.07.2017

## + VTT FOR KIDS, AUCH FÜR JOGGER UND NORDIC WALKER

- Strecken: 29 – 36 – 46 – 57 km
  Start: $8^{00}$ – $10^{00}$ (Grondschoul Useldeng)
- VTT for KIDS (Jogger/Nordic Walker): 10 km
  Start: $10^{30}$ (Grondschoul Useldeng)
- Anmeldegebühr:
  5 € (29 – 36 km) /
  7 € (46 – 57 km) /
  1 €/Person (10 km)
- Parkplätze/Duschen/Bike Wash/ Essen+Trinken: Grondschoul Useldeng

**Weitere Informationen unter: www.castleride.lu**

Organisation: Useldinger Vereine

UND ZUR VORBEREITUNG AUF DEN CASTLERIDE 2017:

# VTT-CASTLERIDE-TREFF



Wann: Jeden ersten Sonntag im Monat um 930 Uhr

Wo: Café am Trëmel, Useldange

Beschreibung. „Geführte“ ca. 2 Stunden Tour, den Teilnehmern angepasstes Niveau

Weitere Infos und Anmeldung unter: 621 781 832 (Thomas Völkening, Schandel)



# ABSCHIED UND EHRUNGEN BEIM „SYNDICAT DE DISTRIBUTION D'EAU DES ARDENNES“

FOTO: CHARLES REISER

Im Dezember 2016 fand die Jahresabschlussfeier des kommunalen Wassersyndikates DEA (Distribution d'Eau des Ardennes) im Restaurant „Maison Rouge“ in Saeul statt. DEA-Präsident Charles PAULY machte einen Ausblick auf die im neuen Jahr anstehenden Projekte und Arbeiten um dann, im Namen von Büro und Direktion, dem Syndikatspersonal für die im Jahr 2016 geleistete Arbeit zu danken. Das Präsidium überreichte Frau Monique SEYLER, welche bereits seit 25 Jahren als Büroangestellte im Sekretariat der DEA tätig ist, als Dank für ihren Einsatz und die wertvollen geleisteten Dienste, eine goldene Armbanduhr. Danach würdigten Präsident Charles PAULY sowie Direktor Patrick KOSTER, im Namen des Führungsgremiums, die Verdienste von Herrn Guy TRAUFLER, welcher Anfang Juni dieses Jahres, nach über 34 Dienstjahren, in den wohlverdienten Ruhestand getreten ist. Guy TRAUFLER begann seine Karriere bei der DEA Anfang der 1980er Jahre und arbeitete sich bis zum Leiter des technischen Dienstes hoch. Er hat den Leckortungsdienst der DEA aufgebaut, welcher jahrelang, auf Anfrage der betroffenen Gemeinden, im gesamten Großherzogtum Wasserverluste aufspürte. Außerdem leistete er wertvolle Pionierarbeit mit der Ausarbeitung des technischen Risiko Managements im Bereich Wasserversorgung (Trim) sowie der Einbindung des syndikalen Wasserleitungsnetzes in ein digitales Geoinformationssystem (GIS). Als Dank wurde Herrn Guy TRAUFLER ein passendes Abschiedsgeschenk überreicht und seine Ehegattin erhielt einen schönen Blumenstrauß.

# MILLY KINNEN FEIERT 95. GEBURTSTAG

TEXT / FOTO: CHARLES REISER

Bei bester Gesundheit und mit berechtigtem Stolz war es Emilie, genannt Milly, gegönnt ihren 95. Geburtstag zu feiern. Milly Kinnen wurde am 11. Dezember 1921 als zweitjüngste Tochter von sechs Kindern der Eheleute Pierre Kinnen und Barbe Schomer in Gonderingen geboren. Während ihrer Jugendzeit von 1937 bis 1945 war die Jubilarin in der Landwirtschaft tätig, um später während acht Jahren als Hilfskraft in einem Haushalt in Luxemburg/Stadt zu arbeiten. Danach betrieb sie eine Gaststube in Reckingen und in Brouch. Die Führung der „Hostellerie du Finsterthal" war ihre letzte berufliche Tätigkeit in ihrem aktiven Leben. Seit 1976 lebt Milly Kinnen in Useldingen. Um dieses besondere Ereignis besonders hervorzuheben, gratulierte Bürgermeister Pollo Bodem in Gegenwart seiner beiden Schöffen Gérard Anzia und Raymond Feinen dem rüstigen Geburtstagskind mit der Überreichung eines Blumenarrangements, im Namen der Gemeindeverwaltung Useldingen. Dabei würdigte das Gemeindeoberhaupt die zahlreichen Engagements der Geehrten, ganz besonders auf kirchlicher- und Vereinsebene.
Mit einem passenden Präsent gratulierte Vereinspräsident Jules Schoujean mit den Delegierten des „Senioreforum Gemeng Useldeng" und wünschte der 95-jährigen Milly Kinnen dass weiterhin noch viele Jahre bei guter Gesundheit dazu kommen werden.






# ANTOINE KINNEN FEIERT 100. GEBURTSTAG

TEXT / FOTO: CHARLES REISER


**Familienministerien Corinne Cahen überbrachte die allerbesten Glückwünsche.**

Bei guter Gesundheit feierte Antoine Kinnen aus Useldingen im März dieses Jahres seinen 100. Geburtstag. Das Licht der Welt erblickte er am 3. März 1917 auf Grundhof als zweitältester Sohn von sechs Kindern der Eheleute Pierre Kinnen und Barbara Schomer. Am 14. April 1951 führte Antoine Kinnen seine zukünftige Ehegattin Hildegard Jakuszeit aus Memel (Litauen) zum Traualtar. Aus ihrer Ehe ging eine Tochter hervor. Heute kann sich die Familie Kinnen um ein Enkelkind erfreuen. Seine berufliche Laufbahn begann Antoine Kinnen als Eisenbahner, 1945 wechselte er zum „Second Military Service" nach Frankfurt um kam dann später zur UNO. Nach dem zweiten Weltkrieg wurde er Dolmetscher in Arolsen, arbeitete beim belgischen „Genie Civil", wurde später Taxifahrer in der Stadt Luxemburg, um schließlich bis zu seinem Ruhestand bei „Monsanto" in Echternach beschäftigt zu sein. Seit nunmehr 27 Jahren ist Antoine Kinnen, der leider seit dem 3. September 2010 verwitwet ist, in Useldingen beheimatet. Sein ganzes Leben lang genoss der Jubilar seine Freizeit mit Radfahren. Genau zu seinem 100. Geburtstag stattete Familienministerin Corinne Cahen dem Geburtstagskind Antoine Kinnen einen Besuch in seinem Wohnhaus in Useldingen ab und überbrachte ihm die allerbesten Glückwünsche des großherzoglichen Paares und der Regierung. Neben einem Geschenk und schönen Blumen zeichnete die Ministerin, Antoine Kinnen mit dem „ordre de mérite" aus. Auch Bürgermeister Pollo Bodem und Schöffe Gérard Anzia beglückwünschten den 100-jährigen Antoine Kinnen als ältester Einwohner der Gemeinde Useldingen und überraschten den Jubilar mit einem Blumengebinde. Gratulationen denen Präsident Jules Schoujean und Olga Thimmesch seitens des „Senioreforum Gemeng Useldeng" sowie die Familienangehörigen des Geehrten mit der Überreichung von einem Präsent sich auch gerne anschlossen.

# DE KLIMAPAKT FREET... AN DEN ENERGIEATELIER ÄNTWERT...



INFOLINE GRATUITE 26 62 08 01   info@ksm.lu   www.ksm.lu




**Caroline Schmit, Klimapakt-beroderin Réidener Kanton:**

Dir als Energieatelier maacht Iech schon zënter 20 Joer dofir staark dass manner Energie verbëtzt gëtt a méi op erneierbar Energiequellen zréckgegraff gëtt. Niewt dem Holz, der Geothermie (Hëtzt aus dem Buedem), der Waasser- an der Wandkraaft interesséiere mer eis elo haaptsächlech fir d'Solarenergie. Mee Marc, huet d'Sonn iwwerhaapt genuch Power?

**Marc Neu, Energieberoder Réidener Energiatelier a.s.b.l.**

D'Sonn steht eis als Energiequell onbegrenzt, ëmweltfrëndlech an ouni Käschten zur Verfügung, mir mussen se just notzen. Ongeféier all 30 min schéckt d'Sonn esouvill Energie op eise Planéit, wéi mir am Laf vun engem ganze Joer verbrauchen. D'Potential ass gigantësch! Et läit also nit un der Sonn wa mir net genuch op si zréckgräifen...

*Photovoltaik*



C.S. **Wéi kann ech dann als Privatmann hei zu Lëtzebuerg vun der Sonn profitéieren? An domadden mengen ech natierlech nit d'Jupe, d'Terrasse oder de Stauséi, mee wéi kann ech hei Energie produzéieren?**

M.N. Ma prinzipiell ginn et fir eis 2 verschidden Techniken fir d'Sonnenenergie direkt ze notzen.

- **Photovoltaik** fir aus der Solarenergie elektrische Stroum ze produzéieren
- **Solarthermie** fir Dusch- an och Heizungswaasser ze erwiermen

Photovoltaikanlagen wandelen d'Sonnestrahlung direkt an elektresch Energie ëm. Basis vun all PV-Anlag sinn d'Solarzellen, déi zum groussen Deel aus Silizium (nom Sauerstoff dat zweetmeeschten Element um Planéit) hiergestallt ginn. D'Solarzellen produzéieren Gläichstroum (Plus a Minus) mat deem een z.B. an eng Batterie aspeise kéint. Oder awer, an esou geschitt et zu 99% hei zu Lëtzebuerg, et benotzt een sougenannt Wiesselriichter (dësen wandelt de Gläichstroum zu Wiesselstroum – sou wéi an der Steckdous - ëm) an et speist een dee selwer produzéierte Stroum einfach an dat öffentlecht Netz an.

Fir dëse selwer produzéierte Stroum, deen an d'Netz agespeist gëtt, kritt een vum Stroumfournisseur ee fixen Tarif iwwert déi nächst 15 Joer. Domadden ass d'Rentabilitéit vun der Investitioun ofgesëchert.

Am beschten sinn esou PV-Anlagen natierlech zur Sonn gedréint (Süden, 30-40° Neigung), mee och wann d'Anlag e bessi an den Osten oder de Westen kuckt reduzéiert dat d'Stroumproduktioun just minimal.

**C.S. Wéi grouss muss déi Anlag dann elo sinn?**

M.N. Grondsätzlech ass dat ganz egal. Well de Stroum jo an d'Netz agespeist gëtt (a nit direkt selwer verbraucht gëtt) kann d'Stroumproduktioun onofhängeg vum eegene Stroumverbrauch gekuckt ginn. Allerdéngs ass et flott wann ee weess, dass ee mat sénger Anlag genau esouvill Stroum produzéiere géif, wéi een och selwer verbraucht. Losse mer ee Rechebeispill maachen:

D'moyenne vunn de lëtzebuerger Haushalter verbrauche ronn 4.500 kWh Stroum pro Joer. Eng Photovoltaikanlag vun 5$kW_{peak}$ (ronn 30 $m^2$) produzéiert ongeféier 4.500 kWh Stroum pro Joer.

**C.S. Wat kascht dann esou eng Anlag a rechent se sech?**

M.N. Eng PV-Anlag vunn 5 $kW_{peak}$ kascht ongeféier 10.000 € TTC. De Pappa Stat iwwerhëllt 20% vun den Investitiounskäschten (hors TVA), domadden bleiwe nach ronn 8.300 € iwwreg.

De Verkafspräiss fir PV-Stroum läit 2017 bei 0,169 €/kWh. Bei enger Stroumproduktioun vunn 4.500 kWh heescht dat also, dass d'Anlag all Joer fir 760 € Stroum produzéiert. Deemno wier d'Anlag no ronn 11 Joer bezuelt (d'Aspeisevergütung ass 15 Joer lang garantéiert).

Selwer Stroum mat enger PV-Anlag ze produzéieren war, ass a wert och an Zukunft rentabel bleiwen. A wann ech mir d'Anlag iwwert ee Kredit bei der Bank finanzéiere loossen an de Stroumverkaf benotzen fir de prêt ze rembourséieren, da brauch ech emol keen eegent Geld an d'Hand ze huelen fir kënne matzemaachen. Et ass deemno einfach fir säin Bäitrag zu enger méi ëmweltfréndlecher a gerechter Zukunft ze leeschten.

**C.S. Wat bréngt d'Zukunft?**


M.N. An Zukunft geet et drëms dass d'Haiser nit nëmmen selwer Stroum produzéieren mee dësen och beschtméiglech selwer op der Plaz verbrauchen. Dobäi spillen d'Batterien natierlech eng wichteg Roll. Haut sinn dës nach relativ deier, mee wann emol nach e puer Joer an deem Beräich gefuerscht ginn ass, wert des Technik eis nach vill Méiglechkeete bidden fir nach méi onofhängeg ze liewen.

**C.S. Du has gesot, et giff niewt der Stroumproduktioun och nach eng aner Technik ginn, wou een d'Energie vun der Sonn direkt notze kéint!**

M.N. Richteg, sougenannten thermesch Solaranlagen. Mat dësen Anlagen, déi haaptsächlech aus de Solarkollektoren an engem grousse Waasserspäicher (Boiler oder Pufferspäicher) bestinn, kann een souwuel Duschwaasser wéi och Heizungswaasser erhëtzen. Wéi dat geet?



*Thermesch Solaranlag*




*A Solaranlag fir d'Produktioun vu waarmem Waasser*

*B Waarmwaasserproduktioun an Heizungsënnerstëtzung*

An deenen zwee Fäll sinn d'Kollektoren prinzipiell um Daach installéiert (kënnen awer och an der Wiss stoen, un der Fassad hänken, ...) déi d'Sonnenenergie opfänken an un eng speziell Flëssegkeet iwwerdroen déi duerch dës Kollekteren fléisst. Dës Flëssegkeet gett also opgehëtzt a fléisst an engem circuit fermé bis an de Späicher a gëtt do séng Energie iwwert e Wärmetauscher un d'Waasser of.

Bei der Variante **A** ass dat Brauchwaasser, bei der Variante **B** am Prinzip Heizungswaasser, also dat Waasser wat duerch ären Heizungscircuit fléisst. Nom Wärmetauscher huet sech dës speziell Flëssegkeet nees ofgekillt a fléisst nees zréck bei d'Kollekteren fir nei Sonnenenergie ze „tanken".

Schéngt elo keng Sonn spréngt automatësch d'Heizung un an erwiermt een Deel vumm Waasser am Späicher fir dass zu all Moment waarmt Waasser zur Verfügung steet.

Bei der Variante **B** ass de Brauchwaasserspäicher nom „Bain-Marie"-Prinzip am Heizungswaasserboiler integréiert. Aner hydraulesch Varianten (mat Durchlauferhitzer) existéieren awer och.

C.S. **A wéi grouss muss déi Anlag dann elo sinn?**

M.N. Anescht wéi bei der Photovoltaik gëtt hei versicht d'Anlag esou ze dimensionéieren, dass se bei de Verbrauch vum Haushalt passt.

a) Eng reng Brauchwaasser-Solaranlag gëtt am Prinzip esou dimensionéiert dass d'waarmt Waasser am Summer zu 100% gedeckt ass, sprëch d'Heizung (déi jo am Summer just leeft fir d'Brauchwaasser a net méi fir d'Heizung) fir dës Period komplett ausgeschallt ka ginn. Fir e Standart 4-Persounenhaushalt heescht dat:
   a. 2 bis 3 Kollekteren
   b. 300 bis 400 Liter Solarboiler
   c. Investissement vu ± 6.000 bis 7.000 €

b) Eng heizungsënnerstëtzend Solaranlag gëtt dohinner dimensionéiert fir 30 bis 35% vunn der kompletter Heizenergie anzespueren. Dat heescht:
   a. 5 bis 6 Kollekteren
   b. 700 bis 1.200 Liter Späicher
   c. Investissement: ± 11.000 bis 13.000 €

C.S. **Wat kascht dann esou eng Anlag a rechent se sech?**

M.N. Eng reng Brauchwaasseranlag reduzéiert de Masuttverbrauch ëm ca. 200 – 300 Liter pro Joer. Dëst hängt natierlech ganz dovunner of wéivill Persounen am Haushalt wunnen a wéivill geduscht oder gebued gëtt.

De Pappa Stat subventionéiert dës Anlagen mat maximal 2.500 €. D'Gemeng leet meeschtens* och nach eng Kéier 1.250 € drop. Bei engem Investissement vun 6.250 € bleiwen also nach 2.500 € iwwreg.

Bei enger Masutterspuernis vun 250 Liter pro Joer an engem Masuttpräiss vunn 0,50 € pro Liter wier d'Investitioun an ca. 20 Joer rentabiliséiert. Klëmmt de Masuttpräiss awer nees un an erreecht ee Präiss vu bal 1 €/Liter, da gesäit déi Rechnung nees wesentlech besser aus.

C.S. **An och hei d'Fro: wat bréngt d'Zukunft?**

M.N. Nit eréicht an der Zukunft mee och haut schon ginn et Haiser déi komplett mat der Sonn beheitzt kënne ginn. Dës sougenannten Sonnenhaiser si natierlech top isoléiert, hunn eng grouss thermesch Solaranlag um Daach an ee grousse Pufferspäicher am Keller stoen. Dës Sonnenhaiser kënnen also zu 100% just mat der Sonn beheitzt ginn.

Sech onofhängeg maachen vu fossilen Energieträger wéi Masutt oder Gas ass also och haut scho méiglech.



**Caroline Schmit**

**D'Sonn huet also wierklech enorm vill Potential. Wat sollen d'Leit dann elo maachen?**

**Marc Neu**

**Informéiert Iech einfach GRATIS op ärer Energie-Infoline um 26 62 08 01 a profitéiert vunn eiser Erfahrung aus 20 Joer Energieberodung am Réidener Kanton. Mir kënnen Iech soen ob eng Solaranlag bei Iech sënnvoll ass, wou Dir am einfachsten Energie an domadder Geld aspuere kënnt an och wéini Dir vu staatleche Bäihëllefe profitéiere kënnt. Wéi gesot einfach um 26 62 08 01 uruffen!**

* *Am Energieatelier (Tel: 26 62 08 01) nofroen wéi eng Gemengen eppes bäileeën a wéi eng nit*



DE KLIMAPAKT FREET... AN DEN ENERGIEATELIER ÄNTWERT...

INFOLINE GRATUITE
26 62 08 01

WWW.KSM.LU

KOMM SPUER MAT!
ENERGIATELIER A.S.B.L.
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
info@ksm.lu

# MANIFESTATIOUNSKALENNER FIR D'JOER 2017
# SYNDICAT D'INITIATIVE USELDENG

All Ännerungen betreffend de Manifestatiounskalenner sinn am Sekretariat vun der Gemeng ze mellen
an op www.useldeng.lu

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Juni** | | | |
| Son 04 | Päischten | | |
| Mei 05 | Päischtméindeg | | |
| Sam 10 | Méttelalterfest | Useldeng | Härenequipe Useldeng |
| Son 11 | Méttelalterfest | Useldeng | Härenequipe Useldeng |
| Son 11 | Kiermes Hämmelsmarsch | Schandel | Harmonie Useldeng |
| Sam 17 | Härläichendag Pressioun | Iewerleng | Kierch am Duerf |
| Don 22 | Virowend Nationalfeierdag | Useldeng C.C. | Gemeng |
| Fre 23 | Nationalfeierdag | | |
| **Juli** | | | |
| Son 02 | Aweiungsfeier, neien Fändel a Camion | Useldeng C.C. | Pompjeën Gemeng Useldeng |
| Fre 07 | Schoulfest | Useldeng | APECU |
| Sam 08 | Donatusdag | Useldeng | Kierch am Duerf / Pompjeën |
| Sam 08 | Zumba-Party | Useldeng C.C. | Aktiv Mammen Gemeng Useldeng |
| Son 09 | Zumba-Party | Useldeng C.C. | Aktiv Mammen Gemeng Useldeng |
| Son 09 | Castleride | Useldeng | FC Jeunesse / Pompjeeën |
| Mei 10 | Inauguration - chantier Everlange | Iewerleng C.C. | SIDERO / AC |
| Fre 14 | Ofschlossconcert op der Buerg | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| Son 16 | Kiermes Hämmeslmarsch | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| Son 23 | Christophorusfeier | Schandel | Dëschtennis Schandel |
| **August** | | | |
| Den 08 | Turnéier | Useldeng | FC Jeunesse |
| Met 09 | Turnéier | Useldeng | FC Jeunesse |
| Fre 11 | Turnéier (fir Härenéquipen) | Useldeng | FC Jeunesse |
| Son 13 | Turnéier | Useldeng | FC Jeunesse |
| Mei 14 | Event op der Buerg | Useldeng | Buergfrënn |
| Den 15 | Maria Himmelfahrt | Rippweiler | Œuvres paroissiales/Club des Jeunes |
| **September** | | | |
| Sam 09 | Trakterstreffen | Iewerlengermillen | Ferguson Club Lëtzebuerg |
| Son 10 | Trakterstreffen | Iewerlengermillen | Ferguson Club Lëtzebuerg |
| Sam 16 | Mexikaneschen Owend | Rippweiler | Club des jeunes Rippweiler |
| **Oktober** | | | |
| Sam 07 | Stëmmungsbal | Iewerleng C.C. | Pompjeeën Gemeng Useldeng |
| Son 08 | Wahlsonndeg | Useldange C.C. | Commune Useldange |
| Son 15 | Journée Commémorative | Useldeng | Gemeng |
| Sam 21 | Oldie-Party | Iewerleng | Aktiv Mammen Gemeng Useldeng |
| Son 22 | Famillejfest (Parfest) | Useldeng C.C. | Kierch am Duerf |
| **November** | | | |
| Met 01 | Allerhelljendag | | |
| Don 02 | Allerséilendag | | |
| Mei 06 | Opstellen vum Manifestatiounskalenner | Useldeng - Buvette/Sportshal | Syndicat d'Initiative |
| Sam 11 | Kiermes Mass | Rippweiler | Chorale Rippweiler |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Son 12 | Kiermes Hämmelsmarsch | Rippweiler | Harmonie Useldeng |
| Sam 25 | Cäeciliendag | Useldeng | Musek a Chorale aus der Gemeng |
| **Dezember** | | | |
| Son 03 | Chrëschtmaart | Useldeng C.C. | Harmonie Useldeng |
| Den 05 | Nikloosfeier an der Schoul | Useldeng | Gaart an Heem |
| Fre 08 | Chrëschtdag op der Buerg | Useldeng | Kulturkommissioun |
| Sam 09 | Chrëschtdag op der Buerg | Useldeng | Kulturkommissioun |
| Sam 16 | Tournoi | Useldeng - Sportshal | Deschtennis Schandel |
| Son 17 | Chrëschtiessen an der Buvette | Useldeng | Senioreforum |
| Fre 22 | Wanterconcert an der Kierch | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| Den 26 | Stiefesdag | | |
| Son 31 | Oekumenesch Besënnungfeier | Useldeng | Kirch am Duerf |




**Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange**

**Secrétariat** M. Marc Thill
Sur rendez-vous

**Population** Mme Maggy Waltzing
Lundi : 14h00 – 19h00
Mardi/Mercredi/Jeudi : 08h00 – 11h30
Vendredi : 13h00 – 17h00

**Service technique** M. Marc Ferber, M. Zwanck Tom
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Redacteur** M. Pit Lang

www.useldeng.lu

ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE • 2, RUE DE L'EGLISE / L-8706 USELDANGE • T. 23 63 00 51-1